N°3917
Entrée le 21.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse commune du Ministre du Travail et du Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité à la question parlementaire N°3917 du 14 avril 2026 de l'honorable Députée Alexandra SCHOOS concernant « Installation d'une antenne de téléphonie mobile à Haler et procédure d'autorisation ».**

**<u>Fro N°1:</u> Wéi steet d'Regierung zu deenen am Artikel genannte Virgäng?**

Allgemeng, weist d'Regierung drop hin, datt déi an deem Artikel "Unsere Bürgerrechte wurden ausgehebelt" genannte Virgäng konform zu den aktuell gëltegen Gesetzer a Reglementer geholl gi sinn. Weider Detailer dozou ginn an de nächsten Äntwerten op déi spezifesch Froen traitéiert.

**<u>Fro N°2:</u> Wéi begrënnt d'Regierung déi Decisioun hei eng Kommodo-Geneemegung vun der Klass 3 auszestellen, obwuel dem Artikel no gewosst ass, datt et sech nëmmen ëm eng éischt Etapp vun engem gréissere Projet handelt?**

De Klassement vum Dossier baséiert op de Reegelen déi am "Règlement grand-ducal modifié du 10 mai 2012 portant nouvelles nomenclature et classification des établissements classés " (Kommodo-Nomenklatur) festgeluecht sinn. Den decisive Krittär ass den Total vun all de Leeschtungen am Agang vun den Antennen um "site radiotechnique". Fir dat Klassement gëtt sech éischtens op den Inhalt vum eragereechten Dossier baséiert an zweetens op d'Geneemegungen, déi scho fir de selwechte Site erdeelt gi sinn.

Um Site zu Haler gouf virdrun nach keng Kommodosgeneemegung erdeelt. Fir d'Klassement kann also just den Inhalt vum Dossier betruecht ginn. Den Total vun den ugefrote Leeschtunge läit bei 2.495 Watt. Weider Informatiounen zu eventuellen zousätzleche Leeschtunge vun engem potentielle weideren Operateur vu Mobilfunkanlagen si net am Dossier beschriwwen. Deemno entsprécht den Dossier enger Klass 3.

Déi zoustänneg Autoritéit ka just eng Decisioun op dee Projet huelen, deen hier virgeluecht gouf.

**<u>Fro N°3:</u> Gi potenziell weider Geneemegunge fir spéider Anlagen automatesch am Kader vum Gesamtprojet gekuckt, fir ze vermeiden, datt déi eenzel Antennen jeeweils ënnert deGrenzwäert vun 2500 Watt falen, obwuel se an der Kombinatioun insgesamt wäit doriwwererausginn?**

Jo, d'Gesamtsituatioun vum Site gëtt gekuckt. Sollt spéider eng Demande fir zousätzlech Installatiounen op der selwechter Plaz agereecht ginn gëtt d'Leeschtung vun de schonn installéierten Antennen plus déi nei ugefrote Leeschtung addéiert. Mat zousätzlechen Installatioune wäert déi total installéiert Leeschtung iwwer 2.500 Watt leien, an déi zukünfteg Demande als Klass 1 agestuuft ginn.

Et ass ze begréissen, datt d'Operateuren sech Masten deelen, well der sou insgesamt manner opgestallt musse ginn.

**<u>Fro N°4:</u> Op wéi eng Manéier goufen d'Aussoen zu der Leeschtung vun der Anlag, déi den Demandeureragereecht huet, an déi just op der Grenz tëschent zwou ënnerschiddlecheGeneemegungskategorië louchen, iwwerpréift?**

Wann et keen flagranten Indice gëtt, datt eppes un der Demande fachlech falsch ass, wat hei net de Fall war, da geet d'Verwaltung dervun aus, datt den Demandeur genee dat ufroen wollt, wat en an der Demande beschreift. Den Demandeur ass an der Verantwortung fir éierlech Informatiounen ze ginn.

**<u>Fro N°5:</u> Loossen déi Aussoe vun de betraffene Bierger, wouno si net esou wéi virgeschriwweninforméiert goufen, sech onofhängeg iwwerpréiwen? Falls jo, kann doraus eng potenziell Annuléierung vun der Geneemegung ervirgoen, falls déi Virwërf bewise ginn? Falls nee, ass uneng strukturell Upassung vun de Kontrolle geduecht, fir esou Fäll wou Ausso géint Ausso steet, an Zukunft ze vermeiden?**

Den 1. Dezember 2025 ass den Dossier "pour information et affichage" un d'Gemeng Waldbëlleg gescheckt ginn, dëst op Basis vum Artikel 9.2. zweeten Abschnitt vum Kommodosgesetz. Den Artikel 10 vum selwechte Gesetz detailléiert d'Reegelen, un déi d'Gemeng sech hale muss.

Laut "Certificat de publication" vum 22 Dezember 2025 informéiert d'Gemeng Waldbëlleg, datt déi Publicatioun gemaach ginn ass.

Op Grond vun deenen Informatiounen déi virléien, ass ze erkennen datt den Affichage vum Dossier no den Dispositioune vum Kommodosgesetz gemaach ginn ass.

Fir weider Detailer a Bezuch op Froen déi d'Gemeng betreffen, gëtt hei op d'Äntwerten zu den Froen 3 an 4 vun der parlamentaresch Fro n°3878 vum 7. Abrëll 2026 vun dem honorabelen Députéierten Sven Clement verwisen.

**<u>Fro N°6:</u> Wéi eng Impaktstudien iwwert d'Auswierkung op d'Gesondheet, den Tourismus an d'Ëmwelt huet den Demandeur am Kader vun der Geneemegungsprozedur misse virleeën?**

Mobilfunkantennen a ganz allgemeng "sites radiotechniques" falen net ënner d'Bestëmmunge vun der Reglementatioun iwwer Ëmweltimpaktstudien (loi modifiée du 15 mai 2018 relative à l'évaluation des incidences sur l'environnement). Deemno ass och keng esou eng Studie gemaach ginn.

Wat elo ganz generell d'Auswierkungen op d'Gesondheet ugeet, kann op déi allgemeng Aussoe vun der Weltgesondheetsorganisatioun a vun der Europäescher Kommissioun verwise ginn, an déi soe sënngeméiss: wann d'Grenzwäerter fir elektresch Felder agehale sinn, da kenne wëssenschaftlech keng negativ Auswierkunge festgestallt ginn.

Duerch d'Uwendung vum "principe de précaution" am Kader vum Traitement vun den Dossieren fir Mobilfunkantennen ass séchergestallt, datt d'Wäerter vun elektresche Felder déi hei am Land virléie, wäit ënner de Grenzwäerter vun der Recommandatioun vun der europäescher Kommissioun leien.

Luxembourg, le 21 mai 2026

**(s.) Marc SPAUTZ**
**Ministre du Travail**